

**Réponse de Monsieur le Ministre de la Défense à la question parlementaire n° 4882
du 19 août 2021 de l'honorable Député Fernand Kartheiser au sujet de
« Communication du Ministère de la Défense »**

Zur Fro 1:

D'Participatioun vum lëtzebuerger A400M un der humanitärer Evakuatiounsmissioun aus dem Afghanistan ass eng komplizéiert a sensibel Operatioun, där hier Planung – zesumme mat de belschen Autoritéiten – eng gewëss Zäit gebraucht huet, bis se konnt definitiv confirméiert ginn. Doduerch huet d'Kommunikatioun iwver den Asaz zwar e bësse méi laang op sech waarde gelooss, dofir konnt deen awer dunn definitiv confirméiert ginn.

Spekulatioune sinn an enger Demokratie leider net ze vermeiden.

Zur Fro 2:

Ech verweisen op dem NATO-Generalsekretär säi Communiqué zur Lag an Afghanistan vum selwechten Dag dee vergläichbar Informatiounen enthält.

https://www.nato.int/cps/en/natohq/opinions_186040.htm